N°4176
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, an vum Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°4176 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer de Schutz vu Kanner an den Accueilsstrukturen.**

1. *Kréien d'Asyldemandeuren, wann si an enger Flüchtlingsstruktur ukommen, d'Reegelen hei am Land erkläert betreffend de Kannerrechter?*

Am Kader vum Dispositif d'autonomisation des primo-arrivants (DAPA) ginn d'Elteren opgefuerdert, un engem Atelier deelzehuelen, dee sech exklusiv mam d'Thema „Kandheet" beschäftegt. Wärend dësem Atelier gi si iwwer folgend Themen informéiert a sensibiliséiert:

- de Fonctionnement vum lëtzebuergesche Schoulsystem;
- d'Roll vun den Elteren bei der Begleedung vun der Schoulcarrière vun hirem Kand;
- d'Sécherheets- a Preventiounsreegele fir Kanner;
- gutt Praktiken am Beräich Hygiène a Gesondheet;
- d'Rechter vum Kand an d'Verantwortung vun den Elteren zu Lëtzebuerg.

Dësen Atelier soll den Elteren déi wichtegst Orientéierungshëllefe vermëttelen, fir hiert Kand ënnert de beschte méiglecher Konditiounen ze begleeden.

Parallel dozou profitéieren d'Elteren och vun enger sozio-edukativer Begleedung an hirer Ënnerkonftsstruktur. Am Kader vun der individueller Betreiung vun all Famill gi si kontinuéierlech iwwer verschidden Themen informéiert a sensibiliséiert, dorënner d'Schoulflicht, d'Verbuet, e Kand eleng ze loossen, d'Verbuet vun all Form vu Gewalt géint Kanner, souwéi aner Aspekter am Zesummenhang mam Schutz an dem Wuelbefanne vum Kand.

Doriwwer eraus schafft den ONA, wéi och seng Partner (Croix-Rouge, HUT an Inter-actions), mat der „Eltereschoul" zesummen. Dës bitt Sensibiliséierungsatelieren zu verschiddenen Theme ronderëm d'Eltereroll, Migratioun an Exil an hir Auswierkungen op d'Eltereroll, souwéi allgemeng iwwer d'Erzéiung an d'Wuelbefanne vun de Kanner un.

2. *Wéi eng spezifesch Schutz- a Kontrollmechanisme ginn et aktuell an de Flüchtlingsfoyeren, fir Kanner géint Gewalt ze schützen?*

An den Ënnerkonftsstrukture vum ONA gëtt eng permanent Iwwerwaachung duerch Sécherheetsagenten ganrantéiert. Am Fall vun engem Verdacht op Mësshandlung informéieren dës d'sozio-edukativ Encadrementsekippen, fir datt d'Situatioun evaluéiert ka ginn an eng ugepasste Begleedung organiséiert gëtt. Wann eng erwisen Mësshandlung festgestallt gëtt an en direkten Agrëff néideg ass, gëtt d'Police kontaktéiert.

Doriwwer eraus féieren déi sozial Ekippen eng reegelméisseg Sensibiliséierungsaarbecht bei de Familljen duerch. Dobäi geet et ënner anerem ëm d'Rechter vum Kand zu Lëtzebuerg, d'Schoulflicht, d'Flicht vun den Elteren, hir Kanner ze iwwerwaachen, wa si dobausse spillen, souwéi d'Verbuet vun all Form vu Gewalt géint Kanner. Déi sozio-edukativ Ekippen, déi fir d'Erkennung vu Risikosituatioune

forméiert sinn, sinn all Dag an de Strukturen ënnerwee a kënnen problematesch Situatiounen oder Verhale séier erkennen.

Déi hébergeiert Persounen ginn och doriwwer informéiert, datt si sech – och vertraulech – un d'sozial Equipe kënne wenden, wa si Kenntnis hunn oder de Verdacht hunn, datt e Kand Affer vu Mësshandlung ass. D'Sozialaarbechter erklären däitlech, datt si bei Indizie vu Gewalt oder Mësshandlung gesetzlech verflicht sinn, am beschten Interessi vum Kand ze handelen, an déi néideg Schutzmoossnamen ze huelen. Wann néideg gëtt de Fall dann bei deenen zoustännegen Autoritéiten gemellt, notamment beim Jugendriichter.

D'Famillje ginn och iwwer déi méiglech Konsequenze vun enger Mësshandlung informéiert, wéi zum Beispill eng verstäerkt edukativ a sozial Begleedung am Familljekrees oder, an de schlëmmste Fäll, d'Placéierung vum Kand an enger ugepasster Opnahmestruktur.

Si gin och drop opmierksam gemach, datt all problematesch Situatioun direkt bei der Police gemellt ka ginn.

3. *Ginn d'Mataarbechter an Assistants sociaux an dëse Strukture speziell forméiert, fir Fäll vu Gewalt géint Kanner fréi z'erkennen an ze mellen?*

D'Formatioun vun de Sozialaarbechter ëmfaasst spezifesch Moduler iwwer d'Detectioun an d'Gestioun vu Mësshandlung a Gewalt géint Kanner.

Ausserdeem hunn all d'Matarbechter an den Ënnerkonftsstrukturen d'Méiglechkeet, u spezifesche Formatiounen deelzehuelen, déi sech mat der Preventioun, der Erkennung vu Risikosituatiounen an de Schrëtt, déi am Fall vun engem Verdacht oder enger festgestallter Mësshandlung ze ënnerhuele sinn, beschäftegen.

Den ONA encouragéiert seng Mataarbechter aktiv, un dëse Formatiounen deelzehuelen, fir eng kontinuéierlech Aktualiséierung vun hire Kompetenzen a Fachkenntnisser ze garantéieren an eng Betreiung no de gültege Good Practices sécherzestellen.

Verschidde Formatioune si fir all nei Mataarbechter obligatoresch, besonnesch déi iwwer Mënschenhandel an iwwer weiblech Genitalverstümmelung.

Dës Approche soll en eenheetlech héijen Niveau u Vigilanz, Kompetenz a Reaktiounsfäegkeet an allen Ënnerkonftsstrukture garantéieren.

4. *Wéi vill Fäll vu Gewalt géint Kanner goufen an de leschte fënnef Joer an Asyl- oder Flüchtlingsstrukturen un déi zoustänneg Autoritéite gemellt?*

Den ONA huet heizou keng Statisiken.

D'Police ka Fäll vu Gewalt géint Kanner an de leschte fënnef Joer net ventiléieren op Flüchtlingsstrukturen, oder aner Wunnsëtzer.

5. *Wéi vill Mataarbechter sinn aktuell an de verschiddene Flüchtlingsstrukturen affektéiert, opgelëscht no Struktur?*

Allgemeng ass et esou, dass den ONA jeweils 1 Encadrant fir 50 Awunner virgesait. A méi klenge Strukturen ass e Minimum vun 1 Encadrant virgesinn, fir ze garantéieren dass all Persoun en sozio-edukativen Suivi ugebueden kritt.

6. *Ass an alle Foyeren 24/7 eng Uspriechpersoun fir d'Flüchtlingen do?*

Et gëtt eng 24/7-Presenz op der Plaz duerch Sécherheetsagenten un déi déi hébergéiert Persounen sech kënne wenden. D'sozio-edukativ Ekippe si reegelméisseg an all Struktur present. Dës Presenz gëtt un déi identifizéiert Besoinen, d'Zuel vun den ënnerbruechte Persounen, souwéi un d'Gréisst an d'Charakteristike vun der jeeweileger Struktur ugepasst.

Ausserhalb vun de reguläre Presenzzäite kënnen d'Awunner d'Sozialaarbechter iwwer déi Kommunikatiounsmëttel kontaktéieren, déi hinne matgedeelt goufen (Telefon, E-Mail, LuxChat, asw.).

Lëtzebuerg, den 7. Juli 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn